ZOOM. D'STUDENTENZEITUNG

IWWERBLÉCK

Student fir 1 Dag

04 Dëst Joer konnten Schüler:innen nees wéi gewinnt un verschiddenen Dagesreesen deelhuelen. De Student fir 1 Dag huet wéi gewinnt an der Ouschtervakanz vum 2. bis de 15. Abrëll stattfonnt.

REEL

05 Vum 29. September bis den 02. Oktober huet déi 37. Editioun vun der REEL zu Karlsruhe an zu Heidelberg stattfonnt.

Guiden – De Studenteguide

06 Dëst Joer huet d'ACEL déi 4. Editioun vun hirem De Studenteguide rausbruecht, den un ronn 2.612 Schüler:innen am Grand-Duché verdeelt ginn ass.

De Studentebal

07 No ronn engem hallwe Joer Organisatiounsaarbecht ass De Studentebal den 8. Juli op der Wiss bei P&R Bouillon iwwert d'Bün gaangen.

Studentefoire

08 Dëst Joer ass d'ACEL nees wärend dem Präsens Deel, de 27. & 28. Oktober, zesumme mat senge Memberscerclë um Belval vertrueden.

Upassunge vun der Bourse

09 Am Kader vun den Tripartitesgespréicher am Abrëll an der Entscheedung enger weider Indextranche auszebezuelen, ass eng finanzielle Entlaaschtung fir d'Student:innen beschloss ginn.

D'Memberscerclë vun der ACEL

14 D'ACEL huet am Ganze 44 Memberscerclen déi an 9 verschiddene Länner aktiv sinn an de Schüler:innen a Student:innen wichteg Froen zum Studium beäntwerte kennen.

VIRWUERT

Léif Lieserinnen, léif Lieser,

ech sinn houfreg, dir dës nei Editioun vun eiser Studentenzeitung Zoom, déi traditionell am Kader vun der Studentefoire erausbruecht gëtt, kënnen ze präsentéieren an dir dobäi e Réckbléck op dat lescht Joer kënnen ze ginn.

D'ACEL – De Studentevertrieder bléckt op e Joer mat gudden an awer och manner gudde Momenter zeréck. Wou een Ufank des Joers virsiichteg optimistesch, wat d'Coronapandemie ubelaangt, an d'Zukunft gekuckt huet, bereeden e Krich mat senge Konsequenze wéi och d'Entwécklung vun den aktuellen Energiepräisser a Liewenskäschten nei Suergen.

D'ACEL huet sech dofir och nees dëst Joer als Prioritéit gesat, de Student:inne

Yannick Bertrand
Vizepresident Informatioun

schnell an effikass ze hëllefen, andeem se zesumme mat den zoustännege Ministèren no Léisunge gesicht huet.

Am Zoom kritt dir en Abléck iwwer déi verschidde Projeten, déi am Kader vun deenen dräi Pilieren – Informatioun, Regruppement a Representatioun – dëst Joer realiséiert gi sinn.

Mir sinn och ganz frou, datt mir dëst Joer eis traditionell Eventer wéi zum Beispill de „Student fir 1 Dag" oder „De Studentebal" nees konnten an de gewinnte Konditioune stattfanne loossen. Dëse Schrëtt zeréck an d'Normalitéit bedeit, datt d'ACEL hiren dräi Haaptaufgaben gerecht ka ginn.

Der ACEL ass et wichteg ze betounen, datt dësen Erfolleg net ouni hir Cerclen an hir Partner méiglech wier. Mir soen hinnen dofir villmools Merci fir déi wäertvoll Ënnerstëtzung an deene leschte Joren an hoffen, och an Zukunft op si zielen ze kënnen.

Mir wënschen dir vill Spaass beim Liesen.

2, AVENUE DE L'UNIVERSITÉ • L-4365 ESCH-SUR-ALZETTE

ACEL
de Studentevertrieder

WAT ASS D'ACEL?

IWWER **40 CERCLEN**
VERDEELT OP **9 LÄNNER**
10 000 STUDENT:INNEN

D'Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL) ass ee Comité den aus Lëtzebuerger Student:innen besteet, déi als Zil hunn, d'Schüler:innen an d'Student:innen aus dem Land iwwert déi verschidde Studiegäng ze informéieren, se reegelméisseg zesummenzebréngen an se duerch ee permanente Kontakt mat deene verschiddene Ministèren, ze representéieren.

D'ACEL ass 1984 gegrënnt ginn an huet sech säitdeem als Missioun gesat, dass d'Student:innen besser geheiert solle ginn. D'Association ass zanterhier net méi aus dem Lëtzebuerger Studentemilieu ewechzedenken. Haut vertrëtt d'ACEL iwwert 40 Studentencercelen, déi duerch d'ganz Welt verdeelt sinn. Et fënnt ee se an Däitschland, a Frankräich, an der Belsch, zu Lëtzebuerg, an Éisträich, an der Schwäiz, a Grossbritannien, an Holland an an den USA. Dës Cerclen empfänken d'Lëtzebuerger Student:innen wärend hirer Studienzäit an hirer Studentestad a ginn de Student:innen d'Méiglechkeet, u flotten Eventer deelzehuelen.

Dernieft ginn et nach déi fachspezifesch Cerclen. Dozou geheieren d'Medezins-, d'Ekonomies-, d'Droits-, d'Psychologies-, d'Archivistik/ Bibliothekär-, d'Ingenieurs- an d'Kommunikatiouns-Student:innen.

Dës grouss Unzuel u Cerclë mécht d'ACEL zum gréissten a wichtegste Studentevertrieder zu Lëtzebuerg.

WAT ASS DER ACEL HIR AUFGAB?

MIR REGRUPPÉIEREN

Ee vun den ACEL hiren dräi Haaptziler ass et, d'Student:innen aus deene verschidde Stied zesummenzebréngen. Dofir organiséiert d'ACEL alljoers verschidden Evenementer. Ee vun deene gréissten Eventer ass „De Studentebal" deen alljoers am Juli stattfënnt. Mat sengem eenzegaartege Konzept bréngt en an engem Owend déi verschidde Kulturen an Traditiounen aus deene verschiddene Studentestied zesummen.

Ee weidert Event ass den „Tournoi de Noël", deen alljoers am Dezember stattfënnt an deene verschiddene Studentecerclen d'Méiglechkeet gëtt, wärend 2 Deeg, am Basket, am Volleyball an am Fussball géinteneen unzetrieden.







Och d'Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois (REEL), déi all Joer ronn 150 Lëtzebuerger Student:innen an enger europäescher Studentestad zesummebréngt, ass ee wichtegt Evenement, dat d'Student:innen vereent.

MIR INFORMÉIEREN

Der ACEL ass et wichteg, dass d'Schüler:innen an d'Student:innen iwwert hir Méiglechkeeten nom Lycée, wärend dem Studium esou wéi och no de Studien informéiert ginn.

Fir dëst Zil ze erreechen, bréngt d'ACEL alljoers verschidde Publikatiounen eraus. Am „Guide du Futur Étudiant" fannen d'Schüler:innen all déi néideg Informatiounen iwwert déi verschidde Studentestied, wéi och iwwert déi verschidde Formatiounen, déi an deenen eenzele Länner ugebuede ginn. „De Studenteguide" riicht sech un d'Student:innen wärend hirer ganzer Studienzäit. Nieft deenen wichegsten Informatiounen ronderëm d'Studenteliewen, wéi dem Finanzement vum Studium oder hëllefräich Tipps zur Wunnengssich, informéiert dës Broschür och iwwer Besonneschkeeten a verschiddene Länner. De „Guide du Futur Diplômé" gëtt de Student:innen eng ganz Rei vun Informatioune mat op de Wee, déi hinnen de Start an d'Beruffswelt erliichtere soll. Niewent dësen dräi Publikatioune geet d'ACEL och reegelméisseg an déi verschidde Lycéeën uechtert Land, fir d'Schüler:innen iwwert d'Studien ze informéieren.

Fir de Schüler:innen bei hirer Entscheedung iwwer zukünfteg Studien ze hëllefen, organiséiert d'ACEL alljoers de „Student fir 1 Dag". Hei hunn d'Schüler:innen d'Méiglechkeet, mat engem Bus an hir zukünfteg Studentestad ze fueren a sech op der Plaz vun de Lëtzebuerger Student:innen d'Stad, d'Uni an aner Raimlechkeete weisen ze loossen.

D'Schüler:innen kommen esou a Kontakt mat de Lëtzebuerger Student:innen a kënne sech all hir Froen iwwert d'Studenteliewe beäntwere loossen.

D'ACEL an hir Membercerclë sinn och alljoers op der „Foire de l'Étudiant" vertrueden, déi am November stattfënnt, fir den zukünftege Student:innen esou vill wéi méiglech nëtzlech Informatioune mat op de Wee ze ginn an hinnen all hir Froen, wat d'Studéieren ugeet, ze beäntwerten.

MIR REPRESENTÉIEREN

Nieft dem Regruppement an der Information, vertrëtt d'ACEL d'Student:innen virun den Autoritéiten a verdeedegt hir Rechter. An dësem Kontext steet d'ACEL a reegelméissegem Dialog mat de verantwortleche Ministèren, ënner anerem dem Ministère fir Héichschoulbildung a Fuerschung, wéi och dem Aarbechtsministère. D'ACEL ass awer net nëmmen national aktiv, mee hëlleft och de Student:innen am Ausland bei Problemer mat den Autoritéiten.

D'ACEL ass ideologesch a politesch neutral, dat heescht, datt si keng bestëmmt parteipolitesch Meenung vertrëtt. Dat ass extrem wichteg, well d'ACEL dem Usproch, all d'Student:innen ze representéieren, wëll gerecht ginn.

WEEN ASS D'ACEL?

Du hues dech schonn ëmmer gefrot wien alles hannert der ACEL stécht?

Hei hues du ee klengen Iwwerbléck iwwert eise Comité.

Polina BASHLAY
Presidentin
Bauingenieurwesen
zu München

Mich WEBER
Sekretär
Sciences politiques zu Bréissel

Christine LENERTZ
Tresorière
Bauingenieurwesen zu Zürech

Michel KLOMP
Informatiker
Informatik zu Kaiserslautern

Alexandre LUONG
Grafiker
Stadt- und Regionalentwicklung
zu Kaiserslautern

Yannick BERTRAND
Vizepresident Informatioun
Geographie zu Freiburg

Ann BERTEMES
Comitésmember Informatioun
Institutrice primaire zu Léck

Sophie SCHROEDER
Comitésmember Informatioun
Medienpsychologie zu Berlin

Felix SCHOELLEN
Comitésmember Informatioun
Informatik zu Zürech

Mathis MICHELS
Vizepresident Regruppement
Informatik zu Oochen

Tim KRIES
Comitésmember Regruppement
Analyse et Politque Economique zu Stroossbuerg

Kimon LENERS
Comitésmember Regruppement
Politikwissenschaft zu München

Cédric HEINTZ
Vizepresident Representatioun
Raumplanung und Raumordnung zu Wien

Charel DONVEN
Comitésmember Representatioun
Informatik zu München

Sarah ROSEN
Comitésmember Representatioun
Macroéconomie et Politiques Européennes
zu Stroossbuerg

STUDENT FIR 1 DAG 2022



De Student fir 1 Dag ass alljoers déi perfekt Geleeënheet, de Lycéesschüler:innen an der Ouschtervakanz ze weisen, wat se op der Uni erwaart. Et kann een un enger oder u méi Dagesreesen deelhuelen an déi verschidde Studentestied besichen. Als Schüler:in, besonnesch op Première, steet ee viru wichtegen Entscheedunge fir d'Zukunft: Soll ee studéiere goen oder net? Op wéi eng Uni? Wéi ee Studium ass dee richtege fir een?

De Projet „Student fir 1 Dag" bitt eng eemoleg Geleeënheet, d'Unien an d'Unisstied op eng ganz besonnesch Aart a Weis kennenzeléieren an deene Jonke bei hirer Entscheedung ze hëllefen.

Beim Student fir 1 Dag hunn d'Lycéesschüler:innen d'Méiglechkeet, moies mam Bus vu Lëtzebuerg aus an déi verschidde Studentestied ze fueren an dann op der Plaz vum Studentecercle accueilléiert ze ginn an do déi wichtegst Informatiounen zur Studienoffer, de Coursen, dem Studenteliewe wéi och dem Cercle ze kréien. Hei kréien d'Schüler:innen och déi wichtegst Gebaier vun den Unien an den Héichschoulen, wéi och déi schéinst Ecker vun der Studentestad gewisen.

Am Kader vum Student fir 1 Dag stinn och verschidden Dagesreesen um Programm, déi op Eegeninitiativ mussen ugefuer ginn, a wou d'Schüler:innen op der Plaz vum Studentecercle encadréiert ginn. Dëst ass de Fall fir déi Stied, déi méi wäit fort leien, wéi München, Berlin, Fribourg, Innsbruck, Wien an Zürech.

Dëst Joer bestoung ausserdeem d'Méiglechkeet, fir mam Fliger op dräi Destinatiounen ze fléien: Berlin, München a Wien.

De Prinzip ass dee selwechte wéi mam Bus: Moies fréi geet et vum Findel aus op eng vun deenen dräi Stied, de Programm vum ganzen Dag ass vum jeeweilege Studentecercle organiséiert an owes geet et nees heem op Lëtzebuerg.

D'Schüler:innen haten am Virfeld also d'Wiel, ob si den Transport mat eis mam Fliger wéillte maachen oder ob se op Eegeninitiativ dohikéimen.

Nodeems de Student fir 1 Dag zwee Joer net esou konnt stattfannen, wéi dat soss ëmmer de Fall war, si mir immens frou, datt et dëst Joer nees méiglech war.

Am Ganzen hu beim Student fir 1 Dag 376 Schüler:inne matgemaach. De Student fir 1 Dag huet wéi gewinnt an der Ouschtervakanz vum 2. bis de 15. Abrëll stattfonnt.

Op dëser Plaz wëlle mir och nach eng Kéier eisen 20 Membercerclë Merci soen, déi beim Student fir 1 Dag an hirer Studentestad matgemaach hunn, a fir een informativen Austausch gesuergt hunn.

Mir hoffen, datt mir an der Ouschtervakanz 2023 de Student fir 1 Dag erëm an deene jeeweilege Studentestied organiséiere kënnen, esou wéi dat dëst Joer nees de Fall war.

Du wëlls gäre studéiere goen, mee du weess nach net, wat dech op der Uni erwaart? Du weess net, wou s du wëlls studéiere goen a wéi eng Uni déi richteg fir dech ass? Da sief och du Student fir 1 Dag a maach d'nächst Joer an der Ouschtervakanz beim Student fir 1 Dag mat.

HEI NACH WICHTEG INFORMATIOUNEN:

Bis wéini kann ee sech umellen?
Bis zu zwee Schaffdeeg virun der Rees. D'Plaze si limitéiert, déi éischt si vir!

Wat ass alles am Präis mat dran?
Bei all Rees ass de Programm an der jeeweileger Stad souwéi e Mëttesiessen am Präis mat dran. Zousätzlech ass bei de Stied (mat Ausnam vun Innsbruck, Wien, München, Fribourg, Berlin an Zürech) och den Transport mam Bus, respektiv mam Fliger, am Präis mat abegraff.

Ech sinn net op Première, dierf ech awer deelhuelen?
Jo, jiddereen, dee wëll, dierf um Student fir 1 Dag deelhuelen.

Wien organiséiert de Student fir 1 Dag?
De Student fir 1 Dag gëtt vun der ACEL an Zesummenaarbecht mat de Cerclen an de jeeweilege Stied, mat Voyages Emile Weber an der Luxair organiséiert. An der Studentestad ginn d'Schüler:innen déi ganzen Zäit vun de Lëtzebuerger Student:innen aus der jeeweileger Stad encadréiert.

REEL 2022

© Lisa Schweig

Vum 29. September bis den 2. Oktober stoung nees déi traditionell REEL um Programm. Fir déi 37. Editioun sinn dëst Joer ëm déi 120 Student:innen zesummekomm. An dëser Editioun war de Programm vun der REEL op Karlsruhe an op Heidelberg verdeelt. Nodeems déi alleréischt Editioun 1984 schonn zu Karlsruhe stattfonnt huet, war et elo déi véiert Kéier, datt d'Student:inne sech do versammelt hunn an et war fir d'éischt, datt Heidelberg d'Student:inne begréissen duerft.

Lass ass et dëst Joer zu Karlsruhe gaangen, wou d'Student:inne mat engem Moiesiessen virum Unisgebai begréisst goufen. Gestäerkt ass et dunn direkt mat de Workshops lassgaangen, déi vum Comité vun der ACEL organiséiert an och gehale goufen. D'Theme vun de Workshops waren: „Student fir 1 Dag", „Méi nohalteg ginn" an „Post-Corona: Reset?". Vun dësen dräi konnten d'REELaner:inne sech een eraussichen, wou dunn an eenzele Gruppen doriwwer diskutéiert gouf. Duerno gouf an enger gemeinsamer Plenière eng Zesummefaassung gemaach, soudatt dono jiddereen och eng Iddi vun den Diskussiounen aus deenen anere Workshops krut. Nom Mëttegiessen ass et direkt mam Rallye duerch Karlsruhe lassgaangen. De Rallye ass ideal, fir d'Stad esouwuel wéi och Student:innen aus anere Cerclë kennen ze léieren. Zum Schluss vum Rallye goung et nees an e Restaurant, wou sech d'REELaner:innen erëm stäerke konnten, ier et mam Bus bis op Heidelberg an den Hotel gaangen ass. Nom Check-in stoung awer nach d'Soirée publique am Toniq um Programm, wou den éischten Dag dunn ofgeschloss gouf.

Freides moies goung et mat kulturelle Visitte weider, wou d'REELaner:innen tëschent dem Hockenheimring, dem Schloss Heidelberg, dem Body World Museum an dem Historisches Museum der Pfalz eng flott Visitt konnten erauszesichen. Duerno gouf sech am Vetters Brauhaus nees fir d'Mëttegiesse versammelt. Weider ass et duerno an d'Unisgebaier vun der Uni Heidelberg gaangen, wou d'REELaner:innen d'Presentatioune vun de Partner:inne vun der REEL lauschtere konnten. No de Virträg gouf et eng kleng Foire, wou d'Student:innen och mat de Partner:innen an d'Gespréich komme konnten a wou deemno wéi iwwer e méigleche Stage oder esouguer een Job diskutéiert gouf. Wärenddeem krut een och e Gliesche Wäin offréiert an et krut ee verschidde Bowls ugebueden. Wéi d'Foire eriwwer war, ass et mat de Partner:innen zesummen an d'Halle02 gaangen, wou mat der Soirée privée och schonn den zweeten Dag säin Ofschloss fonnt huet. No enger mol méi, mol manner kuerzer Nuecht huet et du geheescht, fit ze sinn a sech chic ze maachen, well du stoung d'Journée politique am Alten Frauenbad um Programm. Den Ufank huet den Här Minister Georges Engel gemaach, dee moies an enger Presentatioun iwwer d'berufflech Perspektiven nom Ofschloss vun esouwuel Bachelor- eréi Masterstudie geschwat huet. Dono si mir e bëssen aus Heidelberg eraus op de Molkenkur gefuer. Hei sinn och schonn e puer Invitéë vun der Table ronde mëttes, de Minister Claude Meisch an d'Deputéiert Martine Hansen begréisst ginn. Zousätzlech war et eng immens Éier fir d'REEL, datt de Prënz Guillaume d'REEL och besicht huet. Begréisst gouf de Prënz mam Wilhelmus, gesonge vum AVL-Chouer, deen awer vill Ënnerstëtzung vu weidere Student:inne krut. Fir d'éischt ass et lassgaange mat engem Éierewäin, wou den Ierfgroussherzog och d'Geleeënheet hat, sech e bësse mat de Student:innen auszetauschen. Duerno koum dunn e grousst gemeinsaamt lessen. Zum Schluss vum lesse koum nach e weideren Éieregäscht dobäi. Den Oberbürgermeister vun der Stad Heidelberg, den Eckart Würzner, deem et eng Éier war, d'Student:innen, esou wéi och eis Invitéen a senger schéiner Stad begréissen ze dierfen. Duerno ass et nees zeréck an d'Altes Frauenbad gaangen, wou d'Table ronde, déi vum Här Misch Pautsch moderéiert war, stattfonnt huet. D'Thema vun der Table ronde war d'Bachelorinflatioun an doriwwer hunn eis Invitéen, den Här Minister Claude Meisch, den Här Minister Georges Engel, d'Madamm Deputéiert Martine Hansen, den Directeur adjoint vun der CSL Carlo Frising an d'Presidentin vun der ACEL Polina Bashlay debattéiert. No dësem Discours war et dunn nees Zäit fir en Éierewäin, wou d'Zäit genotzt gouf, fir de Sall mat Dëscher fir dat gemeinsaamt Owesiessen ëmzebauen. Direkt nom lessen ass de Sall fir d'zweet ëmgebaut ginn, dës Kéier fir dësen intressanten an ofwiesslungsräichen Dag zesumme kënnen ofzeschléissen.

Du koum och schonn de leschten Dag vun der REEL. Nodeems et déi Deeg virdru spéit gi war, konnten d'REELaner:innen de leschten Dag e bësse méi laang schlofen, ier zesumme gebruncht gouf. Duerno gouf sech nach eng lescht Kéier opgedeelt. Fir déi, déi de Sonndeg gemittlech ausklénge wollte loossen, ass et an d'Piscine gaangen. Déi Intresséiert konnten awer och an den technesche Musée zu Sinnsheim goen. A fir déi nach méi Interesséiert ass eng Visitt an der Brauerei Kühler Krug zu Karlsruhe mat Degustatioun ugebuede ginn. Um Hauptbahnhof zu Karlsruhe gouf sech eng lescht Kéier versammelt, wou d'REELaner:innen nach en Doggybag kruten, éier et erëm op Lëtzebuerg oder direkt an d'Unisstad gaangen ass.

Hei kann een dem REEL-Comité, deen aus Student:innen aus Heidelberg a Karlsruhe besteet, ee grousse Merci fir d'Organisatioun ausschwätzen! D'ACEL freet sech schonn drop, wann am Dezember op der Assemblée générale iwwer déi 38. Editioun diskutéiert gëtt.

REEL'22
HD KA

© Lisa Schweig

GUIDE DU FUTUR ÉTUDIANT, DE STUDENTEGUIDE & GUIDE DU FUTUR DIPLÔMÉ

Guide du Futur Étudiant
Du bass de Moment op enger Ofschlossklass am Lycée oder du bass souguer scho fäerdeg a wells elo studéiere goen? Dann ass der ACEL hire Guide du Futur Étudiant genau dat Richtegt fir dech. An dëser Broschür, déi an Zesummenaarbecht mat eise 46 Membercerclen op d'Bee gestallt ginn ass, fënns du eng ganz Rei Informatiounen iwwer Studentestied an néng verschidde Länner.

An dësem Guide sinn déi wichtegst Renseignementer zesummegefaasst: Informatioune vun deene verschiddene Cerclen iwwer déi verschidde Studiegäng an deene jeeweilege Studentestied, bis wéini a virun allem wéi s du dech op deene verschiddenen Universitéiten an Héichschoule muss umellen, wéi s du am beschten eng Wunneng fënns a wéi eng Eventer d'Cerclen dat ganzt Joer iwwer an hirer Studentestad ubidden. Zousätzlech fënns du natierlech och de Cerclen hir Kontaktdaten, falls du dech mat hinnen a Verbindung setze wells. De Guide du Futur Étudiant informéiert dech och iwwer déi verschidde BTS-Formatiounen, déi s du zu Lëtzebuerg maache kanns.

Donieft gëss du an dësem Guide och informéiert, wéi s du fir deng Studie vun der staatlecher Studiebäihëllef profitéiere kanns.

De Guide du Futur Étudiant kriss du all Joer gratis op der Studentefoire um Stand vun der ACEL, an all Spuerkeessagence, beim CePAS, beim MESR, beim Jugendinformationszentrum, an der Maison de l'orientation esou wéi an der Nationalbibliothéik an online als PDF: **www.acel.lu/gfe.**

Bei weidere Froe kanns du dech zu all Moment per E-Mail bei der ACEL **(contact@acel.lu)** oder direkt beim Cercle mellen.

De Studenteguide
Du hues ugefaangen ze studéieren a scho läit e Bréif an der Boîte mat enger Rechnung vum Rundfunkbeitrag oder der GIS oder et fält eng Taxe d'habitation un? Oder bass du nach op der Sich no enger Wunneng? Dann ass dëse Guide genau dat Richtegt fir dech! Fir dir bei sou an nach bei villen anere Problemer an dengem Alldag als Student:in ze hëllefen, huet d'ACEL dëst Joer déi véiert Editioun vun hirem „De Studenteguide" erausbruecht.

An dëser Broschür fënns du eng ganz Rei Informatiounen aus néng verschidde Länner, déi dir wärend dengem Studium kënnen nëtzlech sinn. Sou informéiert dëse Guide dech niewent de Besonneschkeeten an deene Länner och iwwer d'Wunnengssich, d'Finanzéierung vun dengem Studium an d'Krankeversécherungen. Doduerch, datt dëse Guide an Zesummenaarbecht mat eise Membercerclen entstanen ass, fënns du Informatiounen aus éischter Hand an dëser Publikatioun.

Dëse Guide ass dëst Joer erëm u ronn 2.612 Schüler:innen verdeelt ginn, déi hiren Ofschloss am Grand-Duché am Secondaire gemaach hunn.

De Studenteguide fënns du als PDF op eisem Site, ënner folgendem Link: **www.acel.lu/de-studenteguide.**

Mir hoffen, datt dëse Guide dir weiderhëlleft a wënschen dir vill Erfolleg an dengem Studium.

Guide du Futur Diplômé
Du bass fäerdeg mat dengem Ofschloss am Lycée, dengem Studium oder denger Léier a wells elo am Beruffsliewen duerchstarten? Da fënns du am Guide du Futur Diplômé all déi wichteg Informatiounen, déi dir dobäi hëllefen.

Alljoers brëngt d'ACEL eng nei Editioun vum Guide du Futur Diplômé eraus, fir dir deng éischt Schrëtt um Aarbechtsmarché ze erliichteren.

Hei fënns du eng ganz Rei Informatiounen dozou, wéi s du am beschten eng Aarbecht sichs, wéi deng Kandidatur soll ausgesinn a wat dech an engem Virstellungsgespréich erwaart. Donieft kanns du dech och iwwer de Salaire, d'Pensioun, d'Steieren, de Congé, deen s du zegutt hues, oder d'Finanzéiere vun enger Wunneng oder engem Auto informéieren.

Wells du op enger Gemeng schaffen? Dech selbststänneg maachen? Oder souguer Fuerscher:in ginn? Dann fënns du an dësem Guide och déi néideg Informatiounen, déi dech um Wee dohi begleeden.

De Guide du Futur Diplômé kriss du all Joer gratis um Stand vun der ACEL op der Studentefoire, an all Spuerkeessagence, beim CePAS, beim MESR, beim Jugendinformationszentrum, an der Maison de l'orientation esou wéi an der Nationalbibliothéik an online als PDF: **www.acel.lu/gfd.**

DE STUDENTEBAL 2022

De Studentebal ass dat gréisst Event, dat d'ACEL organiséiert, fir lauter Student:innen erëm beieneenzebréngen. E fënnt säit jeehier Mëtt Juli statt. Bei dësem Event komme Student:innen vun iwwerall, jo souguer vu Miami an anere Stied, déi wäit ewech oder awer och ganz no sinn, zesummen, fir mat hire Kolleeg:innen een Owend laang ze feieren.

D'Organisatioun fänkt lues awer sécher scho kuerz nodeems den neie Comité gewielt ginn ass un, also schonn am Januar. Nodeems d'Grondkonzept gekläert ass, heescht et dann, bal 5.000 Liter Béier an eng Hellewull aner Saache bestellen. Déi lescht zwou Woche virum Bal ginn déi éischt Saache schonn an d'Realitéit ëmgesat. Och wann de Bal vun enger klenger Unzuel vu Leit organiséiert gëtt, kéint dësen net stattfannen, wann net bal 30 Cerclë beim Op- an Ofriichten dobäi wieren. Net ze ënnerschätzen ass, datt wärend deem Owend bis zu 300 Leit schaffen, fir datt keen erdiischtert an och keen erhéngert. Speziell fir vill a gutt lesse këmmert sech den LSK a fir de Rescht bitt all Cercle e speziellen Drink un, dëst a Form vun engem Shot, wéi zum Beispill dem Blue Seppl, der Vodka-Brause, der Vodka-Brause, dem LSD Shot (...) oder engem Cocktail, vun Gin-Tonic, Campari-Orange an Ice-Tea-Korn bis zu KoMa a Bombe-Bleue ass fir jiddereen eppes dobäi!

Nodeems duerch d'Pandemie vill Eventer net méi stattfanne konnten, ware mir frou, am September 2021 de Studentebal fir 2.000 Leit kënnen ze plangen. Nach méi frou ware mir dëst Joer, wéi mir mat 4.500 Leit weise konnten, datt mir nach weiderhi Spaass kënnen hunn an ëmmer méi zuelräich ginn.

Natierlech wier esou e mega Bal net méiglech ouni ons Partner. Op dëser Plaz bedanke mir eis bei der VDL fir hir ganz Hëllef, bei Munhowen, fir déi grouss Ënnerstëtzung, fir datt mir net erdiischteren, bei der CODEX fir hir professionell Aarbecht an hiert Material esou wéi bei der Spuerkeess, ouni déi mir net esou einfach kéinte bezuelen.
Dozou ass ze soen, datt de Profit un d'Cerclë geet, esoubal d'Käschte gedeckt sinn.

ACEL de Studentevertrieder

D'ACEL a seng Cerclen

STUDENTEFOIRE
Foire de l'Étudiant ◆ Student Fair ◆ Studierendenmesse

Dëst Joer fënnt d'Studentefoire erëm wärend zwee Deeg um Belval statt. Zousätzlech zu dëser Foire gëtt et eng Online-Plattform, déi et dir erméiglecht, dech am Viraus ze informéieren an deng Visitt um Belval besser ze plangen.

D'Online-Plattform ass vum 24. Oktober un disponibel. Se bitt dir d'Méiglechkeet, bei 170 Aussteller Informatiounen a Form vu Broschüren, klenge Videoen an aneren Dokumenter ze sammelen. Ausserdeem halen e puer Aussteller och Webinairen, déi s du iwwer dës Plattform matverfollege kanns. Iwwer dëse Link kanns du ab dem 24.10 op d'Plattform zougräifen: https://www.studentefoire.lu/

De 27. an 28. Oktober ass dann d'Foire um Campus Belval. Vun 9 bis 17 Auer kanns du mat 100 Aussteller a Kontakt trieden an dech iwwer deng Studieméiglechkeeten informéieren. Natierlech ass d'ACEL mat senge Membercerclen do vertrueden a steet dir zur Verfügung, fir dir all deng Froen ze beäntwerten, déi dech als zukünfteg:e Student:in beschäftegen. Notz déi Geleeënheet a komm bis laanscht!

ACEL & Fachspezifesch Cerclen

ACEL · Bibliothéikswiesen · Droit · Ekonomie · Geschicht · Ingenieur · Medezin · Psychologie

Däitschland

Berlin · Bingen · Bonn · Düsseldorf · Freiburg · Heidelberg · Kaiserslautern · Karlsruhe · Köln

München · Oochen · Saarbrécken · Tréier · Würzburg

Belsch

Bréissel · Léck · Louvain-la-Neuve

Holland

Amsterdam · Maastricht

Frankräich

Montpellier · Nanzeg · Paräis · Stroossbuerg

Schwäiz

Fribourg · Lausanne · Zürech

Éisträich

Innsbruck · Wien

MAISON DES ARTS ET DES ÉTUDIANTS



© MESR

SALLE 1

40. ACEL – Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois
41. UNEL – Union Nationale des Étudiant-e-s du Luxembourg

CERCLES ET ASSOCIATIONS D'ÉTUDIANTS PAR DOMAINE D'ÉTUDES

42. ALEM – Association Luxembourgeoise des Étudiants en Médecine
43. ANEIL – Association Nationale des Étudiants Ingénieurs Luxembourgeois
44. ANELD – Association Nationale des Étudiants Luxembourgeois en Droit
45. ANESEC – Association Nationale des Étudiants en Sciences Économiques et Commerciales
46. ALEP – Association Luxembourgeoise des Étudiants en Psychologie
47. Jonk BAD – Bibliothéikswiesen-, Archivistik- an Dokumentatiouns-Studenten
48. Historic.UL – Association des Étudiants en Histoire du Luxembourg

SALLE 2

CERCLES ET ASSOCIATIONS D'ÉTUDIANTS PAR PAYS/VILLE

49. AELL – Association des Étudiants Luxembourgeois à Lausanne
50. LSZ – Lëtzebuerger Studenten zu Zürich
51. LSH – Lëtzebuerger Studenten zu Heidelberg
52. SLUF – Studente vu Lëtzebuerg op der Uni Freiburg
53. AELK – Amicale des Étudiants Luxembourgeois à Karlsruhe
54. AVL – Akademischer Verein d'Lëtzebuerger
55. LSK – Lëtzebuerger Studenten zu Kaiserslautern
56. LSM – Lëtzebuerger Studenten zu München
57. Lëstlé – Lëtzebuerger Studenten zu Léck
58. CELB – Cercle des étudiant.e.s luxembourgeois.e.s à Bruxelles
59. GDL – Grand-Ducale à Louvain-la-Neuve
60. Friblëtz – Lëtzebuerger Studenten zu Fribourg
61. LSI – Lëtzebuerger Studenten zu Innsbruck
62. LSW – Lëtzebuerger Studenten zu Wien
63. LSMaas – Lëtzebuerger Studenten zu Maastricht
64. RLA – Roud Léiwen Amsterdam
65. ALUS – Association des Luxembourgeois aux Universités de Strasbourg
66. CELM – Cercle des Étudiants Luxembourgeois à Montpellier
67. ELAN – Étudiants Luxembourgeois à Nancy
68. AELP – Association des Étudiants Luxembourgeois à Paris
69. VLIB – Verein Luxemburger Studenten in Berlin
70. LSB – Lëtzebuerger Studenten zu Bingen
71. Alesontia – Lëtzebuerger Studenten zu Bonn
72. LSD – Lëtzebuerger Studenten zu Düsseldorf
73. LSC – Lëtzebuerger Studenteclub Cölln
74. LSS – Lëtzebuerger Studenten zu Saarbrécken
75. LST – Lëtzebuerger Studenten zu Tréier
76. LSWü – Lëtzebuerger Studenten zu Würzburg

BOURSE

An deene leschte Joren hunn d'Präiserhéijungen an alle Beräicher vum Liewen, dorënner d'Hausse vun de Präisser vun den Iesswueren, dem Gedrénks, dem Bensinn an de Loyeren, mee och d'Erhéijung vun den Energiekäschten d'Student:inne viru grouss Erausfuerderunge gestallt. Et gesäit och net aus, wéi wann dës Phenomener sech an noer Zukunft géinge besseren. Fir dësem Trend entgéintzewierken a fir datt de:d'Student:in säi:hire Studium ouni den enorme finanziellen Drock ka weiderféieren, gouf am Kader vun den Tripartitesgespréicher, déi am Abrëll tëscht der Regierung, dem Employeur an de Gewerkschafte geféiert goufen, eng Entlaaschtung zu Gonschte vum:vun der Student:in beschloss. Nieft enger weiderer Indextranche gouf och eng zousätzlech Enveloppe an Héicht vun 10 Milliounen Euro beschloss mat Hibléck op virun allem d'Erhéijung vun den Energiepräisser. Donieft goufen nach weider Upassungen vun der Bourse zu Gonschte vum:vun der Student:in virgeholl, wéi z. B. d'Veränerung vum Montant vun den Aschreiwungskäschten an d'Verdueblung vum Montant an engem Härtefall.

Dës Upassunge vun der AideFi si säit dem 14.06.2022 vun der Chamber accordéiert ginn a sinn domadder offiziell. Vum 1. August bis den 30. November kënnen d'Student:innen hir Demande fir eng finanziell Hëllef fir d'Wantersemester stellen a vun der ugepasster Versioun vun der Bourse profitéieren.
D'Upassunge betreffen d'Bourse de base, d'Bourse de mobilité, d'Bourse sociale an d'Bourse familiale. An dëser Tabell gesäit een d'Upassunge vun der Bourse pro Semester.

	Montant 2021-2022	Montant 2022-2023	Insgesamt Upassung fir den August 2022	Upassung vum Index vum Oktober 2021 an Abrëll 2022	Upassung duerch déi zousätzlech Enveloppe
Bourse de base	1 050€	1 142€	+92€	+52€	+40€
Bourse de mobilité	1 286€	1 420€	+134€	+64€	+70€
Bourse sociale	288€ bis 1 995€	352€ bis 2 210€	+64€ bis +215€	+14€ bis +100€	+50€ bis +115€
Bourse familiale	262€	274€	+12€	+12€	+0€

Wéi vill ee vun der Bourse sociale kritt, hänkt vum Akommes vum Haushalt of. D'Referenz ass hei den onqualifizéierte Mindestloun (SSM). Dëse läit bei 2.313,38 € pro Mount oder 27.760,56 € d'Joer (Stand 28.09.2022). Et gëtt hei gekuckt, wéi oft den Haushalt dëse Montant zur Verfügung huet.

ACEL

ERHÉIJUNG VUN DER BOURSE

Critère fir d'Bourse sociale	Montant 2021-2022	Montant 2022-2023	Insgesamt Upassung fir den August 2022	Upassung vum Index vum Oktober 2021 an Abrëll 2022	Upassung duerch déi zousätzlech Enveloppe
1 x SSM	1 995€	2 210€	+215€	+100€	+115€
1,5 x SSM	1 681€	1 870€	+189€	+85€	+104€
2 x SSM	1 391€	1 553€	+162€	+69€	+93€
2,5 x SSM	1 128€	1 266€	+138€	+56€	+82€
3 x SSM	866€	980€	+114€	+43€	+71€
3,5 x SSM	603€	693€	+90€	+30€	+60€
4,5 x SSM	288€	352€	+64€	+14€	+50€

Mir soen dem Héichschoulministère Merci, datt mir dës Upassungen zesumme konnten duerchféieren, fir d'Student:inne kënnen ze entlaaschten.

STUDIENINFO

D'Schüler:inne vun den Ofschlossklasse sti virun enger wichteger Entscheedung. Et stellt sech d'Fro, ob si no hirem Ofschloss schaffe goe sollen oder léiwer studéiere goe wëllen. D'ACEL geet reegelméisseg an déi verschidde Lycéeën uechtert d'Land, fir d'Schüler:innen iwwer d'Studiegäng, d'Unien an d'Héichschoulen, d'Wunnengssich, de Finanzement vun hirem Studium an d'Studenteliewen am Generellen ze informéieren. Wärend dësen Informatiounsseancë kann d'ACEL natierlech och de Schüler:innen hir Froen zu dësen Theme beäntweren. D'ACEL deelt hei och hir verschidde Publikatiounen aus. Dës sollen de Schüler:innen op hirem Wee an d'Studenteliewe wärend hirem Alldag oder bei hiren éischte Schrëtt um Aarbechtsmarché hëllefen. Heibäi handelt et sech ëm de Guide du Futur Étudiant, De Studenteguide an de Guide du Futur Diplômé. Wärend dem akademesche Joer 2021/2022 war d'ACEL insgesamt u Studieninfoen a 16 verschidde Lycéeë present. Duerch déi sanitär Mesurë goufe fënnef vun de Studieninfoen online iwwer Plattformen ewéi Teams oder Zoom ofgehalen.

Falls Dir drun interesséiert sidd, datt mir och an Äre Lycée kommen an op Är Froen oder déi vun Äre Schüler:innen äntweren, kënnt Dir lech ënner folgendem Link umellen: https://acel.lu/studieninfo-ufro/

Bei weidere Froe kënnt Dir lech natierlech och ënner contact@acel.lu bei eis mellen.

QUIZOWEND

De 16. Abrëll war et rëm sou wäit: De Quizowend vun der ACEL konnt no zwee Joer Paus rëm offline stattfannen. Fir dëst bal schonn traditionellt Event hu sech bal 60 Leit an 12 Equippen opgedeelt am Independent Café an der Stad zesummefonnt a konnten do hiert Wëssen ënner Beweis stellen. De Quiz huet dëst Joer aus siwe Kategorië mat jeeweils aacht Froe bestanen. D'Kategorië ware Sport, Politik, Musek, Geographie, Logoen, Datumer a Wëssenschaft, soudatt fir jiddereen eppes Passendes dobäi war. Nieft de Froe gouf et dann dëst Joer och eng nei Rei Minispiller, wéi zum Beispill e Kaartentuerm bauen oder ee Cup flippen. Mat dëser Erweiderung ass et dëst Joer net nëmmen ëm Wëssen, mee och e bëssen ëm Geschécklechkeet gaangen, wat e bësse Beweegung an dee ganzen Owend bruecht huet an de Quiz eiser Meenung no nach méi lëschteg gemaach huet. Zum Schluss vum Owend konnt sech dëst Joer d'Ekipp „Mä wou sinn ech hei gelant" vun de Münchener Student:innen ganz knapp duerchsetzen.

GIS

An Éisträich ass jiddereen, deen en Apparat besëtzt, deen d'Rundfunktechnologie benotzt, gesetzlech verflicht, Rundfunkgebühren ze bezuelen. Dëst stellt lëtzebuergesch Student:inne virun zousätzlech finanziell Schwieregkeeten. GIS gesäit awer vir, datt Student:innen, déi eng Studiebäihëllef laut dem éisträichesche Studieförderungsgesetz bezéien, sech vun dëse Käschte kenne befreie loossen. Dës Studiebäihëllef ass mat der Bourse sociale, déi lëtzebuergesch Student:inne bezéien, gläichzestellen. Leider erkennen déi éisträichesch Autoritéite momentan déi lëtzebuergesch Bourse sociale net als gläichwäerteg mat der Studiebäihëllef un. Fir datt d'ACEL sech konnt e Bild maachen a rausfannen, wéi vill Student:innen dës GIS-Taxe bezuelen an déi lëtzebuergesch Bourse sociale bezéien, hu mir eis Cerclen an Éisträich kontaktéiert, fir datt déi en Opruff op hire Socialmedia-Plattforme lancéieren an hir Membere sech bei eis mellen, wa si GIS-Taxe bezuelen an d'Bourse sociale bezéien. E grousse Merci un eis Cerclen LSI an LSW, datt si dësen Opruff lancéiert hunn an d'Student:innen, déi an deem Fall sinn, sech bei eis konnte mellen. Elo wësse mir, datt vill Student:innen an deem Fall sinn a mir hunn eis a Kontakt mam Héichschoulministère a mat Solvit gesat, eng gratis Berodungsstell, déi Leit hëlleft, wann d'EU-Recht falsch ugewannt gëtt. An Zesummenaarbecht mat dëse béiden Instanze kucke mir, wéi mir dëse Problem kënne léisen.

STAGEGESETZ

Zwee Joer sinn et elo hier, datt d'Stagegesetz a Kraaft getrueden ass. Ëmmer erëm hu mir vu Kolleeg:innen héieren, datt Problemer mat Stagë waren. Déi eng hu keng Stageplaz fonnt, déi aner goufen net bezuelt, obwuel dat laut dem Stagegesetz hätt missen de Fall sinn. Doropshin huet d'ACEL sech als Zil gesat, eng Evaluatioun vum Stagegesetz duerchzeféieren. Am Abrëll huet d'ACEL iwwer hir Socialmedia-Plattformen en Opruff lancéiert, fir datt d'Student:innen hir Erfarunge mam Stagegesetz deelen. Fir esou vill wéi méiglech Erfarunge matgedeelt ze kréien, huet d'ACEL hir Cerclë kontaktéiert, fir datt och déi en Opruff op hire Plattforme starten. Zousätzlech hu mir déi fachspezifesch Cerclen no Feedback gefrot, fir rauszefannen, ob d'Problemer mam Stagegesetz bestëmmt Beruffsgruppe méi betreffe wéi anerer. Mir bedanken eis an deem Sënn bei all eise Cerclen an hire Memberen, déi eis hir Erfarunge matgedeelt hunn.

Mat de Geschichten, déi d'Student:innen eis matgedeelt hunn, konnte mir feststellen, datt:

- Student:innen net bezuelt gi sinn, och wann dat hätt missen de Fall sinn
- Student:innen heiansdo keng Stageplaz fonnt hunn
- D'Konventioun fir sech vun der Bezuelungsflicht befreien ze loosse falsch a géint den:d'Student:in benotzt gëtt
- Et en Informatiounsmangel op béide Säite gëtt

Mir bedaueren, ze héieren, datt d'Stagegesetz bei de Student:innen net déi Wierkung hat, déi viséiert gouf. D'Zil vum Stagegesetz war et, e juristesche Kader tëscht Stagiairen a Patron ze schafen an eng Remuneratioun ab enger bestëmmter Dauer vum Stage sécherzestellen. An engem weidere Schrëtt wëll d'ACEL elo mat den zoustännegen Autoritéiten a Kontakt trieden, fir ze kucken, wéi déi eenzel Problemer an Zukunft kënne geléist ginn.

OPRUFF STAGEGESETZ

VOUCHEREN

Déi lescht zwee Joer hunn d'Pandemie an déi sanitär Restriktiounen, déi domat verbonne sinn, och de lëtzebuergesche Student:innen ze schafe gemaach. Enn 2021 sinn d'Areeskonditioune fir verschidde Studielänner méi streng ginn. Trotz vollstänneger Impfung hunn d'Student:innen zousätzlech en negative PCR-Test gebrauch, fir an hiert Studieland areesen ze kënnen. Schonn am Summer 2020 hat d'ACEL mam Héichschoulministère an dem Gesondheetsministère e Voucher-System ausgeschafft, deen et de Student:innen erméiglech huet, e gratis PCR-Test maachen ze loossen, fir erëm an d'Studieland areesen ze kënnen. Dësen ass erëm Enn vum Joer 2021 agefouert ginn. Esou konnten all d'Student:innen, déi trotz vollstänneger Impfung e PCR-Test gebraucht hunn, fir an d'Studieland anzereesen, e Voucher fir e PCR-Test ufroen. Säit Enn 2021 huet d'ACEL 556 Demandë beaarbecht, dovunner goufen der 534 akzeptéiert an 22 refuséiert. D'Refuse sinn dorop zréckzeféieren, datt d'Leit d'Konditiounen, déi vun den Autoritéite bestëmmt goufen, net erfëllt hunn oder datt hir



Deplacementer net am Kader vun hire Studie stattfonnt hunn.

Säitdeem d'Situatioun vun der Pandemie sech verbessert huet, hu sech och d'Deplacementer vereinfacht. Dës Verbesserung huet och erëm méi Normalitéit am Alldag vun de Student:inne mat sech bruecht. Vill Unien hunn erëm ugefaangen, hir Coursen an Examen a Präsens ze halen.

Zesummen mat dem LCGJ
GEWERKSCHAFT ERLIEWEN
VIVRE LE SYNDICAT
ensemble avec le LCGJ

LCGB
LCGB.LU @LCGB_Luxembourg lcgb_haut_ass_muer
WWW.LCGB.LU

INTERCERCLEN A BALER

Iwwer dat ganzt Joer verdeelt, fanne sougenannten Intercerclen a Studentebaler statt.

Op engem Intercercle komme Studenten aus verschiddene Cerclen an enger Studentestad zesummen, fir ganz verschidden Aktivitéiten duerchzeféieren. En Tarte-flambée-à-volonté-Owend zu Stroossbuerg, e Cafésrallye zu Oochen oder Karlsruhe, e Spikeballturnéier zu Freiburg, d'Saufest zu Wien, de King's Day zu Amsterdam oder dat traditionellt Volleyballsturnéier zu Kaiserslautern.
An all deene Stied an a villen anere kann ee seng Kolleege rëmgesinn a puer flott Stonnen oder Deeg matenee verbréngen. Meeschtens ginn och Schlofplaze vun de lokale Studenten ugebueden, sou datt déi ganz Rees fir keen ze deier gëtt.

Déi verschidde Studentebaler, wéi zum Beispill den Oochener Bal, de Kölner Bal, de Saarbréckener Bal, de Fëschsde-Bal vum LSK oder den Zürcher Bal an de Bréisseler Bal, déi ganz bekannt sinn an am Dezember organiséiert ginn, fannen all zu Lëtzebuerg statt. Se riichte sech haaptsächlech un all d'Lëtzebuerger Student:innen, mee och Schüler:innen a soss jiddereen ass wëllkomm a gëtt mat lokalen Drinks vun de Cerclë verwinnt!

Am Ganzen hunn dëst Joer schonn 18 Intercerclen an dräi Baler stattfonnt. Des Weidere sinn och nach fënnef Intercerclen a sechs Baler fir de Rescht vum Joer geplangt.

Eng besser, méi bëlleg a praktesch Méiglechkeet, fir seng Frënn, déi an enger anerer europäescher Stad studéieren, erëmzegesinn, gëtt et net. Wann s du also dëst Joer nach wëlls un engem Intercercle deelhuelen, da kuck ënner acel.lu/kalenner.

Luxembourg energy provider

enovos.lu

PRESENTATIOUN VUN DE MEMBERS-CERCLË VUN DER ACEL

Fachspezifesch Cerclen

ALEM

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine
contact@alem.lu

ALEP

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Psychologie
contact@alep.lu

ANEIL

Association Nationale des Etudiants Ingénieurs Luxembourgeois
contact@aneil.lu

ANELD

Association Nationale des Etudiants Luxembourgeois en Droit
contact@aneld.lu

ANESEC

Association Nationale des Etudiants en Sciences Economiques et Commerciales
info@anesec.lu

ELSIC

Cercle des étudiants luxembourgeois en Sciences de l'Information et de la Communication
info@elsic.lu

HISTORIC.UL

Association des Etudiants en Histoire du Luxembourg
historic.ul1@gmail.com

JONK BAD

Bibliothéikswiesen-, Archivistik- an Dokumentatiouns-Studenten
info@jonkbad.lu

Lännerspezifesch Cerclen

Däitschland

AELK

Amicale des Etudiants Luxembourgeois à Karlsruhe
contact@aelk.lu

ALESONTIA

Lëtzebuerger Studenten zu Bonn
kontakt@alesontia.lu

AVL

Akademischer Verein d'Lëtzebuerger
comite@avl.lu

LSB

Lëtzebuerger Studenten zu Bingen
ls-bingen@outlook.de

LSC

Lëtzebuerger Studenteclub Cölln
lsc.comite@gmail.com

LSD

Lëtzebuerger Studenten zu Düsseldorf

LSH

Lëtzebuerger Studenten zu Heidelberg
kontakt@lsh.lu

LSHH

Lëtzebuerger Studenten zu Hamburg

LSK

Lëtzebuerger Studenten zu Kaiserslautern
comite@lsk.lu

LSM

Lëtzebuerger Studenten zu München
comite@lsm.lu

LSS

Lëtzebuerger Studenten zu Saarbrécken
lss.comite@outlook.com

LST

Lëtzebuerger Studenten zu Tréier
comite@lst.lu

LSWÜ

Lëtzebuerger Studenten zu Würzburg
lswue.info@gmail.com

SLUF

Studente vu Lëtzebuerg op der Uni Freiburg
comite.sluf@gmail.com

VLIB

Verein Luxemburger Studenten in Berlin
comite.vlib@gmail.com

Frankräich

AELP

Association des Etudiants Luxembourgeois à Paris
contact@aelp.lu

ALUS

Association des Luxembourgeois aux Universités de Strasbourg
contact@alus.lu

CELM

Cercle des Etudiants Luxembourgeois à Montpellier
celm.comite@gmail.com

ELAN

Etudiants Luxembourgeois à Nancy
elan.comite@gmail.com

LËTZ'AIX

Association des Etudiants Luxembourgeois à Aix-en-Provence
comite@letzaix.com

Belsch

CELB

Cercle des Etudiants Luxembourgeois à Bruxelles
comite@celb.lu

CELBAS

Cercle des Etudiants Luxembourgeois de Bastogne
celbas2014@hotmail.com

GDL

Grand-Ducale à Louvain-la-neuve
grand-ducale@hotmail.com

LËSTLÉ

Lëtzebuerger Studenten zu Léck
comite.lestle@outlook.com

Schwäiz

AELL

Association des Etudiants Luxembourgeois à Lausanne
aell.comite@gmail.com

FRIBLËTZ

Lëtzebuerger Studenten zu Fribourg
comite@fribletz.lu

LSSG

Lëtzebuerger Studenten zu St.Gallen
lsstgallen@gmail.com

LSZ

Lëtzebuerger Studenten zu Zürech
comite@lsz.lu

Groussbritannien

SLSB

Society of Luxemburgish Students in Britain
slsbritain@gmail.com

Eisträich

LSI

Lëtzebuerger Studenten zu Innsbruck
contact@lsi-students.at

LSW

Lëtzebuerger Studenten zu Wien
lsw@lsw.lu

Holland

RLA

Roud Léiwen Amsterdam
comite.rla@gmail.com

LSMAAS

Lëtzebuerger Studenten zu Maastricht
comite.lsmaas@gmail.com

USA

LUAM

Luxemburgish Students at Miami University
luxstudents@miamioh.edu

RÄTSEL ZOOM 2022

Test däi Wëssen!
Bréng eis d'komplett ausgefëllte Rätsel Donneschdes, den 27. Oktober bis 14h00 op eise Stand a mat bësse Chance gewënns du ee klenge Kaddo!

1. A wéi villen verschiddene Stied ware mir dëst Joer fir de Student fir 1 Dag?
2. Op wéi ville Studieninfoe war d'ACEL am Joer 2021/2022?
3. Ween ass am längsten bei der ACEL dobäi?
4. Zu wéi enger Stad gehéiert d'Saufi?
5. Wéi ee Special Drink huet d'Lëstlé um Studentebal verkaf?
6. A wéi engem Mount fënnt d'Summer AG vun der ACEL statt?
7. Wéi heescht den Cercle fir d'Ingenieur Studenten?
8. A wéi enger Stad studéieren déi meeschten Leit aus dem ACEL-Comité?
9. De Cercle vun wéi enger Stad huet een Storch am Logo?
10. An wéi engem Land gëtt et déi meescht Lëtzebuerger Studentencercelen?
11. Wéi huet den dësjäregen President vun der REEL geheescht? (Virnumm)
12. Mat wéi enger Fluchgesellschaft goufen um Student fir 1 Dag Berlin, München an Wien ugeflunn?
13. Wou fënnt dëst Joer de Präsens Deel vun der Studentefoire statt?
14. Wéi ass d'Ofkierzung vum neien Cercle zu Amsterdam?
15. Wéi een Member vun der groussherzoglecher Famill war dëst Joer op der REEL dobäi? (Virnumm)
16. Wéi vill fachspezifesch Cerclen huet d'ACEL?
17. A wéi engem Café huet den Quizowend vun der ACEL 2022 stattfonnt?
18. Wou hunn d'REELaner Samschdeg Mëttes giess?
19. Wou studéiert d'Trésorière vun der ACEL?
20. Ween am ACEL Comité studéiert Politikwëssenschaften zu München?



IMPRESSUM

EDITEUR
Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL)

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

Tel.: (+352) 20 60 84 84
www.acel.lu | contact@acel.lu

OPLAG
60.000 Exemplairen

KOORDINATIOUN
Yannick BERTRAND, Ann BERTEMES, Felix SCHOELLEN, Sophie SCHROEDER

REDAKTIOUN
ACEL Comité

Fir d'Form an den Inhalt vun den Artikele sinn eleng d'Auteure verantwortlech.

D'ACEL seet all de Leit, déi un dëser Editioun matgeschafft hunn, e grousse Merci!

FOTOEN
ACEL, Lisa Schweig

LAYOUT
Mediahuis Luxembourg

PUBLICITÉIT
régie.lu s.a.